

LES SACRIFIÉS

Bulletin officiel du comité directeur pour le souvenir de l'enrôlement forcé



**Kräizwee vun den Zwangsrekrutéierten
zu Dikrich**

3 2007
Juillet
47^e année

Nationalkongress vun der „Fédération des Enrôlés de Force“ zu Ettelbréck

Nodeems d'Dagespress am Detail iwer de Verlaaf vum Nationalkongress de leschten 12. Mee Bericht gemeet huet, welle mer op deser Platz net nach eng Kéier datselwecht machen, mee der Präsidentin vum Comité Directeur pour le souvenir de l'Enrôlement Forcé Marie-Anne THOMMES hir Intervention eremginn, déi en detailléierten Iwerbléck iwer d'Arbecht vum neien CDSEF get:

(...)

Fir d'éischt wëll ech emol der Ettelbrécker Sektouren e ganz grouse Merci soen, dat sie dëse Kongress organiséiert huet. Der Ettelbrécker Gemeng e ganz härzleche Merci fir all d'Ënnerstëtzung déi mir vun hir kritt hun a fir déi onkomplizéiert Zesummenaarbecht mat äis.

Et ass eng besonnesch Éier fir äis, dat de Kongress grat dëst Joer hei zu Ettelbréck organiséiert gët wou d'Stad hir honnert Joer feiert. An dësen 100 Joer huet d'Ettelbrécker Bevëlkerung ganz secher vill schéin, mee och vill schwéier Stonnen erliéwt. An zu deene schwärzte Stonnen gehéiere ganz secher déi vum 2te Weltkrich, wou 150 vun hire Jongen zwangsrekrutéiert gi sin. 23 vun hinnen hun de Krich nit iwerliéwt. 18 vun hinnen hun awer d'Chance, dat honnertjähereg Jubiläum vun der Stad mat kënnen ze feieren.

Vill vun deenen, déi d'Chance haten, aus dem Krich heem ze kommen, hu secher zum Wuelstand vun dëser Stad beigedro. An een vun hinnen – och wann hien nit zu Ettelbréck gebuer war – huet op eng ganz besonnesch Manéier derzou bäigedro, fir d'Bild vun der Stad matzestalten: ech schwätzen vum Ed Juncker – dem säi Numm d'Gebei dréit an dem mer haut zesumme sin. Ech sin iwerzeegt, dat hién ganz houfreg gewiësch wir, fir äis haut hei ze empfänken. De Jean-Paul Schaaf huet dat fir hién gemeet. Merci, Här Burgermeeschter. An eis beschte Wësch fir d'Zukunft vun aärer Stad.

Ech soll iech also haut iwer d'Arbecht vum CDSEF schwätzen.

Vu ville vun iech wees ech, dat se mat Ongedold drop warden, fir ze héieren wéi hir Sach vun där neier Équipe



weidergefouert get. Ech spiren och, dat et villen nit séier genug weider geet. Ech héieren dat eraus, wann e mer seet: „Mer hun nit méi vill Zäit.“ Dat si Wieder déi mir – an äis all – zu Häerz gin, an da gi mer och heiansdo ongedëlleg a wënschen äis, dat alles méi séier weidergeet.

Mee dir wëst jo wéi et ass: en Haus dat op engem secherem Fëllement soll stoen, brauch e gudde Keller. An ech geng emol behaupten, dat mer bis elo haaptsächlech un de Fëllementer geschafft hun.

Mee, wéi ech mech viirbereed hun, fir hei ze schwätzen, du sin ech mer awer séier bewusst gin, dat scho ganz vill geschitt ass an deene leschten 2 Joer, an dat d'Zäit elo komm ass, fir dat mer lues a lues un d'Öffentlichkeet gin.

De Comité trëfft sech eemol am Mount. Déi verschidden Aarbechts-

gruppen treffen sech dann och nach tëschent de Versammlungen.

Sou hu mer eng Aarbechtsgrupp

- déi de Rapport mam Staatsministère hält
- eng déi sech ëm d'Organisatioun vun deene verschiddenen Zeremonien bekëmmert
- e Redactionscmité fir de *Sacrifiés*
- e Grupp deen Activitéiten fir d'Schoulen organiséiert
- e Grupp deen sech ëm d'Archiven bekëmmert
- an de Service social.

Wéi der doraus gesit, ass eis Activitéit ganz vielfälteg. An ech wärt elo versichen iech – am Numm vum ganze Comité – ze resüméieren wou mer elo de Moment mat eisen Aarbechte stin.

Déi administrativ mise en route as sou gut wéi afgeschloss. De Comité ënnersteet dem Ministère d'Etat. Mir hun e Budget zur Verfügung, dee mer äis mat dem *Centre de Documentation et de Recherche sur l'Enrôlement Forcé* deelen (ongeféier an de Proportionen 1 zu 4). Méi wi d'Halschent vun dem Budget dengt derzou, fir d'Blummen ze bezuelen déi mer bei deene verschiddenen Gedenkzeremonien néierleeën; de Rescht geet an d'Organisatioun vun Activitéiten, z. B. an der Hollericher Gare, Bürokaschten, asw.

Mir hun och schon offizielle Bréifpapeier an Enveloppen mat der Entête vum Staatsministère kritt, genau sou wéi Telefonsnummere an Emailadressen vum Staat. Déi könne mer awer eréischt benotzen wann d'Embauaarbichten zu Hollerich fäerdeg sin a mir eis Büroën do installéiert hun.

Da gët och de *Sacrifiés* vun elo un vum *Service des Imprimés de l'Etat* gedréckt. An dat, wéi der et virdrun héieren hut, gratis. An e get och vun elo un vun deem *Service* verscheckt. Dir hut dat gemierkt un der bronger Enveloppe, déi der virun e puer Deg an äerer Boîte hat.

De *Sacrifiés* iwerhuelen war en Erléifnis fir sech, nit nëmmen de Passage vun der *Imprimerie Saint Paul* bei de *Service des Imprimés de l'Etat*, mee och d'Mise en route vun dem neie Redactionscmité.

An hei soen ech fir d'éischt emol all deene Merci, déi dës Aarbecht an der Vergaangenheet gemaach hun. Eréischt wann een ët selwer muss maachen, get een sech bewosst, wéivill Stonnen Aarbecht do dra stiéchen a vun deenen herno keen eppes mierkt. An dir hut dat och nach an enger Zäit gemeet, wou et d'Informatik nach nit gouf, an doufir war ët nach méi Aarbecht. E ganz besonnesche Merci wëll ech vun dëser Plaatz och nach eemol un d'*Imprimerie Saint Paul* riichten, fir hir excellent Zesummenaarbicht mat der *Fédératioun*, fir all d'Material dat si äis dacks gratis an onkomplizéiert zur Verfügung gestallt huet.

Mee ganz besonnesch wëll ech hinnen haut Merci soen fir nach méi e

schéine Geste: sie wäerten äis och weiderhin d'Fotoën, déi hir Fotografen bei deene verschiddenen Zeremonien maachen, *gratis* zur Verfügung stellen! Dat ass eng immens Hëllef fir äis – well nit ëmmer as et méiglech dat mer een vun äis derbäi hun deen dat Ganzt – an och nach professionell – am Bild festhält. Mir gesin dat och als e *Geste vun der Wertschätzung vis-à-vis* vun der Cause vun den Zwangsrekrutéierten.

De *Sacrifiés* wärt also weiderhin wéi bis elo erauskommen. Mir bringen weider Informatiounen aus de Sectiounen, mee mer loosen och erëm méi Zäitzeien zu Wurt kommen. Duefir och vun dëser Plaatz aus nach eemol den Opruff, dat dir mat äis Kontakt sollt ophuelen, wann der Material hut, dat dir äis wëllt zur Verfügung stellen. De Steve Kayser, Direkter vum CDREF, huet äis seng Mataarbecht zougeseit a wärt an der Zukunft wertvoll Beiträg bringen, déi och fir d'Chercheuren an d'Schoulen interessant sin.

Grad un d'Schoulen wärt eis Aarbecht sech nämlech an de kommende Joeren verstärkt riichten. Op déi Aarbecht kommen ech spéider nach am Detail zreck.

Ech kann iech awer elo och scho soen, dat mer am Hierscht eng Spezialnummer zum 65ten Joresdag vun der Zwangsrekrutéierung erausgin.

An hei kommen ech dann bei d'Aarbecht vun engem aanere Grupp – deem dee sech ëm d'Dokumentatioun an d'Archiven bekëmmert. An dem Grupp schaffen haaptsächlech déi Leit, déi sech och schon an der Vergaangenheet e Numm gemaach hun mat hire wertvolle Beiträg ënner Form vu Bicher a Filmer iwer de Krich: den Abbé Heiderscheid, den André Hohengarten an de Georges Even. Ech brauch kee vun hinnen virzestellen.

Ech schwetzen duefir just iwer e puer Projet'en un deene sie de Moment schaffen:

- Den André Hohengarten, zesummen mam Här Heinen, ass am Gang e neie Film firzebreden fir den 65ten Joresdag vun der Zwangsrekrutéierung

- De Georges Even, zesumme mam Steve Kayser, wäert de Fichier vun den EdF digitaliséieren, mat engem Programm deen ët erméiglecht, d'Donnéen vun all den Zwangsrekrutéierten an engem Fichier ze sammelen an engem méi breede Publikum zugänglech ze maachen. D'nächst Joer um Kongress kënnen mer iech dat da konkret virféieren

- Zesumme mam CDREF a mam CDREF si mer am Gaang un engem Internetsite ze schaffen

- Eng aner flott Initiativ, déi ech nach kurz wëll uspriechen, ass de „City Guide vun de Krichsschauplaätzen“ dee mer mat der Stad Lëtzebuerg amgang sin ze maachen a fir deen den André Hohengarten den Text an d'Idée ausgeschafft huet. Och dat an Zesummenaarbicht mat den 2 CDRën.

De Moment si mer och am Gaang déi verschidde Muséeën vun den EdF ze besichen, fir äis e Bild ze maachen vun der Situatioun, wéi se an Zukunft och weider kënnen ënnerhal gin. Mer waren op Diddeleng. Enn Mee gi mer op Dikrich.

Besonnesch d'Zesummenaarbecht mam CDREF wäert an der Zukunft vereinfacht gin; dat wann den Ëmbau vun der Hollerecher Gare fäerdeg ass a mir definitiv do installéiert sin. De Moment si mer am Gaang den Ëmbau ze organiséieren, well d'Aarbechten am Juli ufänken.

Fir d'Gare vun Hollerich hu mer flott Plangen: zesumme mam CDREF a mat der *Fondatioun vum Memorial* wëlle mer doraus e Centre de Rencontre maachen an deem Konferenzen a Seminairen kënnen organiséiert gin, mee wou mer och kënnen Schouklasse empfanke.

Mee doriwer – an och iwer d'Aarbecht an den Archiven (Sammelen vun Toundokumenten zesumme mam DNR, Aussoen vun Zäitzeien (*oral history*), Mataarbecht vu Stodenten, asw.) komme mer an engem vun de nächsten Nummeren vum *Sacrifiés* zreck.

Ech wëll iech elo nach iwer eis Aarbecht mat de Schoule schwätzen, déi fir äis an der Zukunft ëmmer méi

eng wichteg Roll muss kréien. Well wann eis éischt Daseinsberechtigung – an dat ass esou no dem Gesetz – „d'Sauvegarde de la mémoire et du souvenir“ ass – dann hu mer d'Flicht, dat virun allem bei deene Jonken ze maachen, bei deenen, déi d'Chance haaten, de Krich nit méi ze erliéwen. An dat muss an de Schoulen ufänken. Well – wéi de Jean-Paul Schaaf et esou richteg a sengem Viirwuert gesot huet: „La Paix n'est pas le fruit du hasard“. Mir musse wëssen – a mir mussen dee Message weider gin – dat de Fridden an d'Stabilitéit bei äis, an Europa an an der Welt dervun ofhänkt, wéi mer an der Zukunft mateneen ëmgin. Mir musse d'Vergaangene kennen fir draus ze léieren. A dobäi musse mer eiser Jugend hëllefen.

Do gin et schon eng ganz Rei vu flotte Projet'en. De Moment si mer awer och mat engem Aarbechtsgrupp mam Arlette Lommel, dem Yolande Kohn, dem Georges Even an dem André Hohengarten amgaang e Pilotprojet ze

maachen mat engem 5te Schouljoer. De 16. Juni verbrenge sie e ganzen Dag mat äis.

De Programm gesäit fir: moies e Rondgang an der Stad, en alternative Circuit op d'Platzen vum Krich; duerno Visite vum Memorial; Treffen mat 3 Zäitzeien an dann Atelier'en, wou se zesumme hier Impressiounen kënnen verschaffen.

Dëse Projet gët da weider ausgebaut, fir dat an de nächste Joeren méi Schouklasse kënnen drun deelhuelen. Sie kréien da Material vum äis zur Verfügung gestallt, dat ët hinnen erlabt, op eng méi zäitgeméiss – an hirem Alter a Wëssenstand ugepasste – Manéier iwer de Krich ze schwätzen. Mer sen och a Gespréicher mat der Unterrichtsministesch, déi eise Projet ënnerstëtzt.

De Steve Kayser huet an der Vergaangene – a wäert dat och an der Zukunft maachen – schon eng Rei ganz flott Projet'en mat Lycéesklasse gemeet.

Dann hu mer och de Service Social iwerhol, em deen d'Danièle Wenzel sech elo këmmert. An enger vun de nächsten Nummeren vum *Sacrifiés* publizéiere mer d'Lëscht vun allen Alters- a Flejeheemer wou d'EdF kënnen opgeholl gin. Mir kommen an der selwechter Nummer och op de Service vun „Hëllef doheem“ zreck, mat deene mer a Kontakt sin.

Zum Schluss well ech nach e puer Wuert iwer de 65te Joresdag vun der Zwangsrekrutierung soen. Mir wäerten dësen Dag besonnesch den 30. September feieren, um Dag vun der alljährlecher Commémoratiounsfeier. Ech hun et schon ugedeit: et kënn eng Spezialnummer vum *Sacrifiés* eraus, genausou wéi de Film vum André Hohengarten; a mir organiséieren eng Séance académique, fir déi mir eng ganz Reih Éieregäscht invitéieren.

A mir hoffen dat der ganz vill vun iech dorunner kënnen deelhuelen.



Virum Kongress: De Buurgermeeschter Jean-Paul Schaaf, de Jim Bolmer an de Jean-Pierre Hirt leën Blumen nidder beim Monument aux Morts.

Fotoën: Dan Roder / D'Wort

Gedenktag der Sektion BOEGEN/Clerf

In der schwer geprüften Ortschaft Brachtenbach trafen sich die Kameradinnen und Kameraden der Zwangsrekrutiertensektion Boegen zum Gedenkgottesdienst, der von Pater Gerry Schumacher zelebriert wurde, gesanglich umrahmt vom Kirchenchor Brachtenbach. Pater Schumacher betonte in seiner Homelie, der vielen Opfer zu gedenken, die in den Kriegswirren ihr Leben lassen mussten. Waren es nicht nur die vielen Zwangsrekrutierten, die zu beklagen waren, nein in der Rundstettoffensive wurden viele von SS-Leuten ermordet, wobei die vielen Zivilisten aus Hoffelt bis heute nicht aufgefunden wurden. Er mahnte alle, diese Opfer nicht in Vergessenheit geraten zu lassen. Nach dem Gottesdienst wurden Blumen beim Monument-aux-Morts (das Massengrab auf dem Friedhof) niedergelegt. Die Ortschaft Brachten-

bach hatte während der Rundstett-offensive die meisten Tote zu beklagen. Anschliessend lud der Gemeinderat zum Aperitif im Festsaal ein.

Hierbei gab es Gelegenheit, mit Bürgermeister Marcel Thommes über die Zukunft der Sektion Aussprache zu halten.

Nach einem gemeinsamen Mittagessen im Hôtel in Derenbach fand anschliessend die Generalversammlung statt. Präsident Baltasar Noé streifte die Anfangsjahre, sowie insbesondere das vergangene Jahr 2006. Die Aktivitäten waren dabei der Nationalkongress in Rambruch, die Oktavmesse in der Kathedrale, die Gedenkfeier in Clerf beim GI, die Einweihung des „Sentier des passeurs“. Drei Kameraden haben uns für immer verlassen, es sind dies: Jäng Keipes, Josy Neu und Jemp Lamborelle. Die Reihen lich-

ten sich, trotzdem zählt die Sektion noch 19 lebende Mitglieder, sowie die Witwen der Verstorbenen.

Norbert Melcher vom Zentralvorstand bedankte sich für die Einladung, bedauerte aber auch, dass die Zeitzeugen immer weniger werden. Er schlug vor, jüngere Kräfte für eine Mitarbeit zu begeistern, damit der dunkle Teil der Geschichte Luxemburgs nicht in Vergessenheit gerät; bei der Gemeindeverwaltung Wintger werden sie bestimmt nicht auf taube Ohren stossen.

Der Vorstand der Sektion setzt sich wie folgt zusammen:

Präsident: Baltasar NOÉ, Sekretärin und Kassierer: Madeleine NOÉ-MALGET, Beisitzende: Jean KERGEN, Marcel DIEDERICH und Paul RENCKENS

Mel

„JOURNEE de COMMEMORATION“ der Zwangsrekrutierten aus der Gemeinde STEINSEL

Die Kommemorationsfeier begann mit einem Gottesdienst in der Pfarrkirche Steinsel, zelebriert von Pfarrer Georges Hoffmann, gesanglich umrahmt von der Chorale Ste Cécile Steinsel unter der Leitung von Jean Schmit, Dirigent und Organist, und mit Einlagen von Edmond Faber auf der Trompete. Pfarrer Georges Hoffmann erinnerte an die Schreckenszeiten, die viele Familien zu ertragen hatten und manchen „Jongen“ das Leben kostete. Nach dem Gottesdienst wurden Blumen niedergelegt beim Monument-aux-Morts durch Vertreter der Zwangsrekrutierten und der Gemeindeverwaltung. Die Sonnerie aux Morts wurde vorgetragen von Edmond Faber auf der Trompete.

Anschließend trafen sich die Teilnehmer zum Aperitif in der „Steseler Stuff“ und zum gemeinsamen Mittagessen.

Zur Jahresgeneralversammlung konnte Präsident Norbert Melcher Député-Maire Jempi Klein in Begleitung vieler Gemeinderatsmitglieder begrü-

ben, manch einer war entschuldigt durch Doppelbelastung an diesem Tag, sodann Marianne Thommes, Präsidentin des Comité Directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement Forcé, Jos Weirich, Präsident des Zentralvorstandes; entschuldigt war Marc Mathekowitsch, Vize-Präsident des Comité Directeur, sowie Mitglied unserer Sektion. Viele Mitglieder waren zugegen, sowie Vertreter der neugeschaffenen „Commission du Souvenir“ auf Gemeindeebene. Eine Gedenkminute galt den verstorbenen Kameraden, die uns im vergangenen Jahr verlassen haben. Es waren dies: André Koenig, Nic. Steyer, Jean Steinmetz und abbé François Reding.

Der Tätigkeitsbericht umfaßt alle Beteiligungen auf lokaler und nationaler Ebene bei den Gedenkfeiern. In punkto „Square de la Résistance et de la Jeunesse sacrifiée“ muß weiterhin abgewartet werden. Der Kassenbericht von Liliane Colling-Schenten wurde von den Kassenrevisoren gutgeheissen, wobei Kassiererin und Vorstand Entlastung

erhielten. Kassenrevisoren für 2007 bleiben Pierre Ecker und Fernand Wies.

Bürgermeister Jempi Klein fand lobende Worte für den Einsatz der Sektion, die sich einsetzt, damit die dunkle Vergangenheit nicht vergessen wird. Das vorgesehene „Monument du Souvenir“ soll in den Schul-Campus eingegliedert werden, damit es die Jugend ansprechen soll; es ist dies ja der Grundgedanke der Autoren.

Marianne Thommes, Präsidentin des Comité-Directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement Forcé, war erfreut, sich bei der Steinseler Sektion vorstellen zu können, benutzte die Gelegenheit, Zweck und Arbeit der neuen Institution zu erläutern. Vieles sei in die Wege geleitet worden, anderes noch in der Debatte. Die Zusammenarbeit mit dem Zentralvorstand ist ausgezeichnet, so dass man später mit einem nahtlosen Übergang rechnen kann.

Es war ein würdiger Gedenktag der Sektion Steinsel.

Cher

„Fir eist Land sidd Dir gestuerwen, vill ze fréi ...“

D'Muttergottes war am Krich „d'Häerzstéck vun eiser nationaler Identitéit“



Bei der Mass fir déi vermëssten a gefale Jongen war net nëmmen den Äerzbëschof Mgr. Fernand Franck, mä och de Jean-Claude Juncker derbäi. De Staatsminister huet domat en däitlecht Zeeche gesat géint d'Vergiesen – een Uleies, dat och de Chanoine André Heiderscheid a senger Priedegt ënnerstrach huet. De Geeschtlechen huet un e puer vun deene villen „Jongen“ erënnert, déi wéinst der Léift zu hirer Heemecht am Zweete Weltkrich hiert Liewen hu misse loossen.

„Fir eist Land sidd Dir gestuerwen, vill ze fréi an ouni Schold“, heescht et am Lidd „Un eis Jongen 1940-45“ vum René Schmit, dat d'Chorale Princesse Marie-Astrid vu Monnerech ënner der Leedung vum Nadine Kleman um Ufank vun der Mass gesongen huet. Op der Uergel huet de Romain Ludwig gespilt.

Den André Heiderscheid war frou, erëm vill Zwangsrekutéiert a patriotesch Organisatioune mat hire Fändelen an der Kathedral ze begréisen – do, wou viru 65 Joer Mammen a

Frënn fir d'Jonge gebiet hunn. D'Maria huet hinnen dobäi Trouscht geschenkt, genau wéi och d'Jonge selwer an der Friemt hiert Liewen an d'Hänn vun der Muttergottes geluecht hunn.

Viru 65 Joer hunn d'Nazien duerch de Gauleiter Gustav Simon d'„Wehrpflicht“ zu Lëtzebuergagefouert. „Iwwer 3.000 Doudeger a ronn 2.000 Verwonnter aus eise Reien hu se sech domat fir ëmmer op d'Gewësse gelueden“, sot de Chanoine André Heiderscheid. Viru 65 Joer hunn och daper Patriote gestreikt, wéi dat an anere Länner nach kee gewot huet – 21 vun hinnen hunn hiren Asaz „fir eis Identitéit an eis Souveränitéit“ mat hirem Liewe bezuelt. Honnerte Lëtzebuurger koumen an d'KZ, an iwwer 4.000 goufen ëmgesiedelt. „Dat bleiwe schrecklech Verbriechen, och 65 Joer duerno“, huet den André Heiderscheid betount.

Déi, déi sech gewiert hunn, hunn Dausenden d'Liewe gerett. Dofir waren och vill Leit an der Kathedral, fir der Consolatrix, der Mamm a Patrënesch vun der Heemecht aus déifstem Häerz

merci ze soen, fir dass d'Tréisch-terin „dee Merci an der Éiwegkeet un déi weiderleet, déi et verdéngt hunn.“

Ee vunn hinnen, de Scoutschef Ady Claude, ass den 23. Januar 1942 op Groussherzogsgebuerstsdag zum Doud veruerteelt an den 12. Februar zu Köln gekäppt ginn. Den Dag viru sengem Doud huet hie geschriwwen: „Mein ganzes Schicksal vertraue ich ihr, der Trösterin der Betrübteten an“ – an ënner säi Numm huet hien d'Scoutsdevise geschriwwen: „Ëmmer bereet“.

De Marcel Servé, e Passeur vu Clierf, deen honnerten, wann net dausende vu Jongen d'Liewe gerett huet, ass 1942 am Prisong vu Besançon erschoss ginn. Viru sengem Doud huet hien ëmmer nees d'Heemecht an „Ech sinn esou laang ech denken e Muttergotteskand“ gesongen, an en huet an engem Bréif geschriwwen: „Restez fidèles!“ – „Ech stierwen als geruede Lëtzebuurger“, sot hien zu engem anere Prisonnier.

De Jules Olinger vun Uewerkäerjeng war den éischte Lëtzebuurger Doudegen a Schlesien. Hien hat e Rousekranz an der Täsche, wéi den André Heiderscheid hie fonnt huet, an em den Hals hat hien eng Kette mat engem Roude Léiw.

Muttergottesstatue goufe bei déi Ëmgesiedelt a Schlesien transportéiert, well si derno gefrot hunn. D'Verierung vun der Muttergottes war „d'Häerzstéck vun eisem reliéise Liewen an och vun eiser nationaler Identitéit“, sot den André Heiderscheid. „D'Maria war eis Stäip am Krich“ – esou heescht et och op enger Plaquette, déi zënter zwielf Joer an der Kathedral hänkt.

Villes huet sech an de Joerzénge nom Krich verännert. „Mä d'Fro nom Sënn vum Liewen, déi bleift, esou laang et Mënsche gët“, huet den André



Heiderscheid ënnerstrach: „Et weess keen eng valabel Äntwert op déi Fro, déi all aner Froen an den Eck dréckt. Nëmmen een huet eis déi Äntwert virun 2000 Joer ginn: Christus. Hien huet déi Äntwert ginn, déi eleng all d'Liewen liewenswäert mécht.“ Den André Heiderscheid huet d'Pilger gebieden, déi Äntwert virum Bild vun der Muttergottes nei an hiert Liewen anzeschreiwen an esou anere Mënschen eng Orientéierung an eng Stäip ze sinn.

(raz)

„D'Maria war eis Stäip am Krich“ sot de Chanoine André Heiderscheid a senger Priedegt.

(Fotoën: Serge WALDBILLIG / d'Wort)

D'Membere vum „Comité directeur pour le souvenir de l'enrôlement forcé“ stelle sech vir: Chantal GANSEN

Eng Erënnerung aus menger Kandheet ass déi vun zwou Fotoën, déi bei eis doheem an der Stuff hongen. Op dese Fotoën sinn zwee Bridder vu mengem Papp ze gesinn, déi an de Krich agezunn waren an nit méi heem koumen.

Deen een vun hinnen war fir d'éischt an den sougenannten Mëttelabschnitt bei Orel an Brjansk versaat gin a kouw spéider op Witebsk, wou hien am Juni 1944 gefaangen geholl ginn ass. Hien koum dunn an d'Lager op Tambow an ass am Abrëll 1945 zu Kirsanow am Lazarett gestuerwen.

Deen aaneren war no der Ausbildung an der Kasär vun Tréier am Juni 1943 heem komm an huet sech dunn, ouni d'Wëssen vun der Famill, zu Clairefontaine an der Schoul verstoppt. No engem Besuch doheem an der Nuecht vum 30. August 1943 ass hien op der Grenz bei Clairefontaine vun der Feldgendarmarie erschoss ginn.

Een drëtten Brudder vu mengem Papp war och agezunn an ass no der

Ausbildung zu Horb am Neckar a Russland komm, wou hien bei Welikie Luki verletzt gin ass an duerno véier Wochen zu Riga am Lazarett verbruecht huet. No senger Genesung ass hien a Polen an an Ungarn gewiescht an huet sech nom 8. Mée 1945 zu Fouss, mam Velo a mam Zuch op de Wee heem gemaach, wou hien den 15. Juni 1945 ukomm ass.

De Krich am Allgemengen a méi speziell den „enrôlement de force“ waren also Themen, déi zënter menger Kandheet doheem ëmmer ërem op den Dësch koumen.

Zënter 1988 huet d'„Amicale des Anciens de Tambow“ regelméisseg Reesen op Tambow a Kirsanow organiséiert an och ech war mëttlerweil dräimol mat, zum engem well et mech aus „familiären“ Grënn interesséiert an zum aaneren well d'Zwangskräutierung een Deel vun der Geschicht vun eisem Land ass, deem nit darf vergiëss gin.

Zu Kirsanow um Kiirfent ze stoën, wou 37 identifizéiert Lëtzebuerger

begruewe leien, ass fir mech ëmmer ee besonnesch bewegenden Moment well mäin Monni, deem ech ni kennen geléiert hunn, do rouht. Ech froë mech emmer, waat hien alles huet missen durchman, an, obwuel een vill vum Krich kann liesen, kann ech mer dach einfach nit virstellen, wat hien do alles erliewt huet, wat hien gefillt huet an wat hien soll geduecht hun, wéi hien an sengen leschten Deeg am Lazarett luech. Et ass einfach onvirstellbar fir een, deem ni sou eng Zäit huet misse mat man.

Dofir fannen ech ët eng gutt Initiative, datt den „Comité Directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement Forcé“ an d'Liewe geruff ginn ass, an ech hunn och nit laang gezéckt, wéi ech gefroot gouf, fir do eng Hand matt unzepaacken. D'Erënnerung un des schrecklech Krichsjoëren an besonnesch un dat barbarescht Verbriechen, dat un der Lëtzebuerger Jugend vun den Joërgäng 1920-1926 begaange ginn ass, muss oprecht erhaalen bleiwen an darf nit vergiëss ginn. Dofir wëll ech mech engagéieren.

Informatiounsdag zu DIKRICH

E Samsdeg den 26. Mee 2007 hun sech d'Amicale des Anciens de Tambow zesumme mat der Amicale „Ons Jongen“ Sektioon vun den Enrôlés de Force vun Dikrich mat dem Comité Directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement forcé zu Dikrich getraff, fir déi verschidden Installatiounen ze besichen, déi zu Dikrich geschaafe gouwen fir de spéidere Generatiounen ze weisen, wat den „enrôlement forcé“ a senger ganzer Wiirklechkeet fir eis Heemecht matt sech bruecht huet.

Un deem schéine sonnege Muerge hu mir äis zu Dikrich op der Gare getraff an hun äis, een Deel zu Fouss, deen aneren Deel mam Auto bis op de Kräizwee déplacéiert, wou e puer „Jongen“ d'Gäscht erwaart hun fir hinnen de Kräizwee ze presentéieren.

Déi Visite, fir d'Jonge scho Routine an dach nach ëmmer déiwen Eescht, féiert vun der 1. Statioun, „den Iwwerfall“, bis zu der 14. Statioun, „ons Jonge soë merci“, a gët bei all Statioun begleet vu wonnenschéinen an einfache Wiérder, geschwat op enger Cassette vum Henri Losch.

No der 14. Statioun gët als Conclusioun gefrot: „gestuerwe fir d'Heemecht“, wat bedeit dat Wuert Heemecht haut nach? Wat ass dat „eis Heemecht“? An da kënt dorob d'Äntwert an der Form vun engem Gedicht vum Lambert Schaus, dat hién an der Émsiedlung zu Oberkrazau geschriwen huet:

„WAT D'HEEMECHT ASS“

An do ass et eiser Iwerzeegung no eisen Invitéen kloer gin, wat den Dikricher Kräizwee äis, hinnen, dem ganze Land bedei muss an dass, wann de Kräizwee verkënt, déi Erënnerung verkënt.

No der Zeremonie huet jidfereen éng Dokumentatioun iwer Dikrich, de Kräizwee, d'Gedicht, d'Medaille de la Reconnaissance Nationale an iwer d'Salle d'exposition am Musée historique mat kritt, fir an aller Rou alles kënnen ze iwerlesen.

Et as du weider gaang bis an den Dikricher Park hannert der Geméng, wou de Buurgermeeschter Nico Michels bei äis kouw, äis begréisst huet a mat äis gaang ass bis bei d'Monument zu Eiere vun „Les Evadés 1940-1945“, wou mer Blummen néiergeluegt hun. Firwaat dest Monument? Fir déi Dikricher Sektioon war et schon ëmmer eng weider Statioun am Kräizwee vun de Jongen. Wëll beim Monument nëmmen an enger kurzer Form iwert de Sënn an d'Ausso vun dëser Statioun rieds gaang ass, soll dat heimat erweidert gin duurch en Artikel aus dem Jos. Herr sengem Buch „Diekirch“ (S. 408):

Monument „Aux Evadés“

Am 10 Mai 1981 wurde im Stadtpark in Diekirch das von Wenzel Profant geschaffene Monument für die „Evadés“ eingeweiht. Es sind zwei Menschen auf der Flucht. Diekirch wurde als Ort gewählt, weil von hier aus viele junge Menschen die Heimat verliessen. Wenzel Profant war mit den Gebrüdern Neven und F. Peters auf ihrer Odyssee in Südfrankreich zusammengestossen. Die beiden Überlebenden des Kommandos, die an der Landung in der Normandie teilnahmen, Antoine Neven und Jean Reiffers, der bei dieser Gelegenheit schwer verwundet worden war, enthüllten das Denkmal. Jos. Medernach, ein weiterer Diekircher Evadé, hob bei dieser Gelegenheit hervor, die „Evadés“ seien keine Abenteurer gewesen, sondern junge Leute, die vom Gedanken der Freiheit erfüllt gewesen seien. Sie zu vergessen wäre ein Verbrechen.

Nodeems mer Blummen, rout, wäis a blo, néiergeluegt haten, huet den Här Buurgermeeschter sech entschëllegt a konnt souguer d'Invitatioun op den Apéritif net unhuelen. Mir hun seng Entschëllegung verstan an ugeholl.

Well et dun awer Zäit war, si mir an eistem Programm weidergefuer an hun äis zu Fouss an de Restaurant Infalt bewegt an do war an deem Sall den

Dësch gedeckt, wou den 18. März 1945 déi Dikricher Amicale „ONS JONGEN“ gegrennt ginn as, an deen och haut nach de Lokal vun eise Versammlungen ass, siew et fir de Comité, eng Assemblée générale, eise Bingo Daag oder soss eng Feier vun eiser Sektioon, also e Sall voll schéiner Erënnerungen.

Bei dëser Geléenheet hu mer der Madame Thommes, als Präsidentin vum Comité Directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement Forcé en Dossier iwerrecht mat de Publicatiounen déi die Dikricher Sektioon eraus hinn huet an déi haut alleguer vergraff sinn:

- Am Joer 1946, eng Broschure: Ons Jongen am Krich
- Den 22. März 1970, d'Broschure vum 25. Anniversaire
- Am Joer 1981, d'Buch: De Kräizwee vun den Zwangsrekrutierten
- Am Joer 2005, en CD vum Kräizwee

Mir wire frou, wann déi Publicatiounen am „Centre de documentation et de recherche“ versuert géifen an esou engem gréissere Publikum zougänglich bliéiwen.

Nom lessen hu mir ons op den Wee gemaat fir de „Musée de l'Histoire sur la dernière guerre“ ze besichtegen.

D'Haaptattraktiounen sin natierlech d'Ausstellung vu Waffen, Munition, Gefierer a verschidden Arméistellungen vun den Amerikaner an de Preisen ronderëm Dikrich. An der lescht sin och nach Momenter aus dem Koreakrich dobei komm.

De leschten Sall weist ons d'Uniformen vun der Lëtzebuurger Arméi vum Bestoen vum Grand-Duché un.

Um zweeten Stack gesin mir eng Vitrine mat Bewäisstücke vun der Veianener Militz, eng Erënnerung un déi gloriéis Resistenz vun den Jongen géint den Okkupant vun hiner Stiedtchen.

Gleich vis à vis vun dëser Vitrine ass d'Entrée vum Sall vun der „Amicale des Anciens de Tambow“. Mat denen wéinegen Mëttelen déi sie haaten, hu sie hei versicht, am Bild a mat Ennerlagen vun Dekreter an Befehler vum Gauleiter de Wee vun den Zwangrekruitéierten ze skizzéieren bis hin zu hiren Gefaangenschaften an den Openthalt an dem berüchtegten Lager 188 zu Tambow. Hei kann een och eng Maquette vun dem Lager gesin, déi getrei no engem Plang vun engem franséischen Architekt a Matgefaangenen gezechent a vun engem Lëtzebuurger Tambower réaliséiert gouf.

Eng deelweis Nobildung vun enger Barack aus dem Lager ass do virgestallt a sou kann ee sech e Bild

maachen ënner wat fir Emstänn d'Jongen do geliewt hun.

Ausgestallt och eng Kopie – vun K.G.B. beglaubegt – vun engem Bréif deen d'Lëtze-buerger un de Stalin gericht haaten, fir sech fräiwelleg ze melden an irgend eng alliéiert Arméi, fir esou géint den Ennerdrécker vun onsem Land ze kämpfen.

Ebenfalls eng Kopie vun engem Bréif, deen ons deemooleg Grande-Duchesse Charlotte un de Kallinin gericht haat, fir d'Jongen esou séier wéi méiglech heem ze kréien.

Wat kann een nach alles hei gesin:

Déi dräi Rout-Weiss-Blo Fändelen an een mam roude Léiw, déi am Lager mat deenen primitivsten Mëttelen zesammengesat gi sin.

Fotoen, wéi de General Petit 1.500 Elsass-Lothringer an d'Lager siche koum, fir an dem General de Gaulle seng Arméi an Algerien.

Fotoen vun der Arrivée vum Haapttransport vun den Tambower op der Gare zu Lëtzebuerg de 5. Novmber 1945.

Eng Urne mat Buedem vum Kiirfecht vun Tambow an nach vill Objetën déi d'Liewen an der Gefaangenschaft duerstellen.

All dësst soll fir ëmmer de Beweis hannerloosen, waat d'Jugend vun deemools huet missten erdroen, fir dat mir, daat heescht d'Jugend vun haut an eist Letzebuurger Land a Friden weider bestoen kënnen.

Gast. Junk

Staatsvisite aus Russland

Während dem Staatsbesuch vum Präsident Vladimir PUTIN de 24. Mai 2007 war och eng Gedenkzeremonie um Kanounenhiwel, un där eng Delegatioun vun den Zwangsrekruitéierten a vum CDSEF deelgehoor huet. A kurze Gespréicher konnten d'Zäitzeien dem Präsident vum hirem Obenthalt a russeschen Gefaangenenlager erzielen.



Foto: d'Wort / Guy JALLAY

Gedenkfeier der Enrôlés de Force in Clerf

Nie vergessen, was vor über 60 Jahren unserer Heimat widerfahren ist, dies dürfte die grosse Botschaft der Gedenkfeier der „Enrôlés de Force – victimes du Nazisme“ Sektion Norden sein, welche traditionsgemäss am zweiten Sonntag während der Muttergottes-Oktave in Clerf stattfindet. Gegen dieses Vergessen kämpfen auch das „Comité Directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement Forcé“. Ihre Sprecherin Marie-Anne Thommes war ebenso unter den Gästen, die von Sektionspräsident Jean Morn begrüsst wurden, wie Jos Weirich, Präsident der Fédération des Enrôlés de Force, Vertreter der LPL, der CEBA, der „Frënn vum Patton's 26th Inf. div. Lëtzebuerg“, der Clerfer Gemeinderat, Ehrenbürgermeister Francis Stephany sowie die Zwangsrekrutierten mit ihren Familienangehörigen.

Ein Satz in seiner Ansprache beeindruckte besonders: Jean Morn betonte, dass, wenn auch heutzutage die USA überall in der Kritik stünden, durch ihren Einsatz im Irak oder sonstwo in

der Welt, das kleine Luxemburg vergesse seine Befreier nie, denn „einem guten Freund bleibe man immer in Dankbarkeit verbunden“. Gerade die Zwangsrekrutierten, welche gegen ihren Willen für Nazideutschland in den Krieg gezwungen wurden, wären erst durch den Einsatz der alliierten Truppen befreit worden und konnten, sofern sie diesen unmenschlichen Einsatz an der Front überlebten, in ihre Heimat zurückkehren.

Der Vertreter der amerikanischen Botschaft, Thomas Boughter, unterstrich diese Freundschaft und zeigte sich dankbar, dass die Opfer und der Einsatz der US Soldaten im Zweiten Weltkrieg bis heute hier in Luxemburg nicht vergessen sind. Yves Arend, Bürgermeister aus Clerf und, ob seines jungen Alters in eine Welt von Frieden und Freiheit hineingeboren, weiss dieses Opfer zu schätzen. Die heutige Generation könne sich nicht vorstellen, was es heisst, in eine Uniform gezwungen zu werden und für ein verhasstes Ideal kämpfen zu müssen. Die Enrôlés

de Force, die alles versucht hatten, diesem Schicksal zu entkommen, würden deshalb den Alliierten auf ewig dankbar sein und die luxemburgisch-amerikanische Freundschaft in ihren Herzen bewahren.

Die Harmonie Clerf, welche, neben einer Ehrenformation der Freiwilligen Feuerwehr, diese Feier beim GI Denkmal musikalisch begleitete, intonierte die Sonnerie aux Morts, unter deren Klänge die einzelnen Verbände und die Gemeinde Clerf Blumen niederlegten. Besonders beeindruckend waren die Jugendlichen, welche im Namen der „Frënn vum Patton-26th Inf. Div. Lëtzebuerg“ eine Rose beim Denkmal des einfachen Soldaten niederlegten, als Zeichen, dass auch die junge Generation deren Einsatz zu würdigen wüsste und nicht vergessen hätte.

Mit dem Abspielen der beiden Nationalhymnen schloss diese würdige Feier gegen das Vergessen.

Josette Rinnen-Koch



Foto: Josette Rinnen-Koch / d'Wort

IN PACE



D'Sektioun Sud/Ouest ass am Trauer fir gudd trei Memberen, déi si am Joer 2006 verlooss hun

23.01.2006	Fernand OLINGER	vu Kéintzeg
09.02.2006	Robert OSWALD	vu Bascharage
21.03.2006	Maisy NEU-SCHOCKMEL	vun Déifferdeng
28.03.2006	Nicolas SCHMIT	vu Fengeg
03.05.2006	Locatina KAISER-ORTOLANI	vu Bascharage
26.06.2006	Amélie SIETZEN-NEISES	vu Lëtzebuerg
26.06.2006	Elise WAHL	vu Sprenkeng
03.07.2006	Raymond KIRSCH	vu Kéintzig
21.12.2006	Jean SEILER	vu Bascharage

Mir behalen si a beschter Erënnerung
a soen hirer Familjen eist häerzlechst Bäileed

Scheckiwwerreechung un „Hëllef doheim“



Den 1. März 2007 hun d'*Fédératioun vun den Enrôlés de Force* an d'*Amicale vun den Tambower* den Häeren Meyers an Theisen vun der *Stéftung Hëllef Doheim* zwee Schecken am Wert vun 1.400 Euro iwwerreecht. Bei engem gemittleche Patt am *Memorial* zu Hollerich hun sie merci gesot fir dësen noble Geste an hun hire Respekt ausgedréckt virun deem wat d'*Enrôlés de Force* an de Krichsjoeren matgemach hun. Duerno huet den Här Theisen d'Aarbecht an den Engagement vun *Hëllef Doheim* viirgestallt. Dëst war en éischte Schrëtt vun enger zukünftiger méi enker Zesummenaarbecht op déi mer an enger vun den nächsten Nummern vum *Sacrifiés* zreckkommen.

In Sachen Autosteuerbefreiung

Bezüglich des von der Zoll- und Akzisenverwaltung an Ivalide und Kriegsversehrte versandten Rundschreibens, sei darauf hingewiesen, dass die Zwangsrekrutierten, die bislang von der Autosteuer befreit waren, auch weiterhin von dieser Maßnahme profitieren können, unter der Bedingung, dass sie das dem Rundschreiben beigefügte Formular ausfüllen und die **Rubrik Kriegsinvalide/Kriegsversehrter ankreuzen**.

Dem Antrag muss eine Bescheinigung beiliegen, dass der Antragsteller zwangsrekrutiert war. Dieses Attest ist auf schriftliche oder mündliche Anfrage (Tel. 478-5543) beim *Dommages de Guerre* erhältlich. Beide Dokumente (Antrag und Bescheinigung) sind dann so schnell wie möglich an die im Antrag vermerkte Adresse zu senden.

Die Invalidenkarte A gilt weiterhin als Freifahrtsschein.

Agenda

- 30. September 2007** Journée commémorative an der Stad
10. November 2007 Tambower-Dag an der Stad

Sommaire

Nationalkongress vun der „Fédération des Enrôlés de Force“ zu Ettelbréck	2
Gedenktag der Sektion BOEGEN/Clerf	5
„Journée de Commémoration“ der Zwangsrekrutierten aus der Gemeinde Steinsel	5
Oktavmass 3. Mee 2007	6
Chantal Gansen: Member vum „Comité directeur pour le souvenir de l'enrôlement forcé“	7
Informationsdag zu Dikrich	8
Staatsvisite aus Russland	9
Gedenkfeier der Enrôlés de Force in Clerf	10
In Pace	11
Scheckiwwerreechung un „Hëllef doheim“	11
Angelegenheit Autosteuerbefreiung	11

Redaktionsschluss fir Nr. 4/2007 ass den 15. Oktober 2007

Comité Directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement Forcé

3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, **boîte postale 2415, L-1024 Luxembourg**

Fédération des Enrôlés de Force, Association sans but lucratif

Siège: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, **boîte postale 2415, L-1024 Luxembourg**
tél. + fax: **48 32 32 – CCPL: IBAN LU78 1111 0313 2995 0000**

Rédaction du bulletin bimestriel: «Les Sacrifiés», c/o Norbert Melcher

1, Wisegässel, L-7333 Steinsel, tél. 33 60 30

Service social aux Enrôlés de Force: c/o Danielle Wenzel tél.: 47 19 61 oder: 621 18 64 11

Siège: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg

Amicale des anciens de Tambow

Secrétariat: 14, rue de Kahler, L-8378 Kleinbettingen, tél. 39 60 39

CCPL: IBAN LU75 1111 0240 0748 0000

Association des survivants des Enrôlés de Force, Association sans but lucratif

Siège: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg. Tél. Mélanie Flammang 48 16 76

Enrôlés de Force, section Hollerich-Gare

Siège: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg

CCPL: IBAN LU07 1111 2035 8882 0000

Impression: S.C.I.E.